ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 15. Januar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Vum 10. Januar un huet d'CFL de Passagéiertransport op zwee Zuchstrecke gestoppt. Bis minimum Enn Februar fueren op der Streck tëscht Rëmeleng a Näerzeng, respektiv Audun-le-Tiche an Esch-Uelzecht, keng Persounenzich méi. D'CFL gëtt als Grond un, datt dat néidegt Zuchmaterial feelt. Ursaach ass eng technesch Pann mat der Konsequenz, datt véier Zich aus dem Reseau hu misse geholl ginn, déi elo zu Thionville an d'Rei bruecht ginn. Déi betraffe Passagéier mussen elo alternativ op Busser zeréckgräifen. Vill Leit sinn onzefridde well si zum Deel duebel sou laang ënnerwee sinn, ewéi mam Zuch.

Hei sinn an deem Kontext meng Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten:

1. Feelt et nach ëmmer allgemeng un adequatem Zuchmaterial bei der CFL?
2. War et net méiglech, fir z.B. bei der Däitscher Bunn Zich auszeléinen, amplaz direkt zwou Strecke fir de Passagéiertransport ze sträichen?
3. Kéint och de Manktem u Maschiniste bei der CFL dozou bäigedroen hunn, datt den Trajet fir d'Passagéierzich op deenen zwou betraffene Strecken hätt misse gestrach ginn ?
4. D'Regierung hat ugekënnegt, d'Qualitéit vum ëffentlechen Transport séier a systematesch ze verbesseren, dat och en vue vum gratis ëffentlechen Transport. Wéi konsequent gëtt des Annonce iwwerhaapt ëmgesat?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique